



La Ministre

Luxembourg, le 9 décembre 2020

REÇU
Par Aiff Christian, 16:26, 09/12/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n° 3115 du 9 novembre 2020 de l'honorable Député Marc Goergen concernant l'impact de la pandémie de la Covid-19 sur le fonctionnement des communes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

Äntwert vun der Madame Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°3115 vum 9. November 2020 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen iwwer de Fonctionnement vun de Gemengen an Zäiten vun der Pandemie vun der Covid-19.

Fir de Fonctionnement vun de Gemengen an den assimiléierten Entitéiten an Zäiten vun enger Pandemie sou wäit wéi méiglech ze garantéieren, hunn ech schonn den 12. Mäerz 2020 d'Cirulaire n° 3782 verschéckt, mat Recommandatiounen déi ech zesumme mam SYVICOL an der Stad Lëtzebuerg ausgeschafft hunn, an déi e Guide ware fir e *Plan de continuité d'activité communal* opzestellen. Generell konnt ech feststellen, dass alleguer d'Gemengen Efforte gemaach hu fir hir Gemengenservicer op déi eng oder aner Aart a Weis sou wäit wéi méiglech a néideg oprecht ze erhalen an se och während der Pandemie weider unzebidden, natierlech ëmmer am Respekt vun de Mesuren déi a Kraaft waren. Duerch weider Cirulaire sinn d'Gemengen iwwer d'Méiglechkeeten informéiert ginn, wéi se hir Servicer un déi jeeweileg Situatiounen upasse kéinten.

Den Artikel 13 vum ofgeännert Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gesäit vir, dass Dokumenter, Akten a Piëcen déi d'Punkte betreffen déi um Ordre du jour vun enger Gemengerotssëtzung stinn, während dem Convocatiounsdélai op der Gemeng fir d'Conseillere disponibel musse sinn, an dass dës se och kënnen kopéieren, géint d'Bezuele vun enger Taxe wann dat virgesinn ass. Näscht verhënnert, dass de Schäfferot déi selwecht Dokumenter, Akten a Piëcen och iwwert een anere Wee zur Verfügung stellt, sief dat iwwer eng elektronesch Plattform wéi dem Sharepoint, per E-mail, de SIGI-Drive oder aner adequat Instrumenter.

De Gebrauch vun enger elektronescher Ënnerschrëft fir Délibératiounen vum Gemengerot ass aktuell net méiglech, wedder op Basis vun der nationaler Gesetzgebung nach op där vum EU Règlement eIDAS.

Am Kader vum ofgeännerte Gesetz vum 14. August 2000 iwwert de Commerce électronique an d'Services de confiance, sou wéi am Kader vum Artikel 1322-1 vum Code civil, ass d'elektronesch Ënnerschrëft nëmme fir d'Ënnerschreiwe vun *Actes sous seing privé* virgesinn, a gëtt och nëmme an senger *Valeur probatoire* berücksichtegt (*fonction ad probationem* vun der Ënnerschrëft). D'Benotzung vun der elektronescher Ënnerschrëft fir d'Ënnerschreiwe vun administrativen Akten ass dofir aus zwee Grënn net virgesinn: engersäits wéinst der Natur vun administrativen Akten déi keng *Actes sous seing privé* sinn an anerersäits well d'Ënnerschreiwe vun engem administrativen Akt eng Funktioun erfëllt fir d'Validitéit ze garantéieren, an net fir säi Beweis ze bréngen (*fonction ad validitatem* vun der Ënnerschrëft).

Laut der Jurisprudenz vum Tribunal administratif ass d'Ënnerschrëft eng Formalité substantielle an eng Konditioun fir d'Validitéit vun den administrativen Akten : « *une décision administrative non signée n'existe pas et ne peut produire d'effet juridique* » (Trib. adm., jugement du 4 mai 2009, n° 24361, p. 6)

Och wann de *Règlement (CE) n° 910/2014 du Parlement européen et du Conseil du 23 juillet 2014 sur l'identification électronique et les services de confiance pour les transactions électroniques au sein du marché intérieur et abrogeant la directive 1999/93/CE (dit « règlement eIDAS »)* eng generaliséiert Notzung vun der elektronescher Ënnerschrëft bei Transaktiounen virgesäit, ass et zweifelhaft ob dat och fir administrativ Akte gëllt. Souguer wann dat eng Méiglechkeet wier, muss ee feststellen, dass déi aktuell Lëtzebuerger Gesetzgebung d'elektronesch Ënnerschreiwe vun administrativen Akten net unerkent an de Règlement eIDAS legal oder prozedural Verpflichtungen vu formeller Natur betreffend d'Validitéit vun Actes juridiques déi an der nationaler Gesetzgebung virgesi sinn, aus sengem Champ d'application ausschléisst (cf. Artikel 2(3) Règlement eIDAS : « *Le présent règlement n'affecte pas le droit national ou de l'Union relatif à la conclusion et à la validité des contrats ou d'autres obligations juridiques ou procédurales d'ordre formel.* »).